N°3023
Entrée le 13.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3023 vum 13. Oktober 2025 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Nancy Arendt.**

*- Wéi bewäert d'Regierung déi rezent Warnunge vun der WHO iwwert d'Gesondheetsgeforen duerch E-Zigaretten, besonnesch fir Kanner a Jugendlecher?*

Rezent huet d'WHO eng Estimatioun vum weltwäite Gebrauch vun der E-Zigarette gemaach. Déi staark Zounam vun der Consommatioun vun E-Zigarette bei de Jonken an déi domat verbonne Gesondheetsrisike goufen ënnerstrach[1].

D'Estimatioune vun der WHO iwwer den Tubaksverbrauch baséieren op Date vun 166 Länner. Dës 166 Länner representéiere 86 % vun de Memberstaate vun der WHO a 97% vun der Weltbevëlkerung, wat dëse Resultater eng grouss Representativitéit gëtt[2].

D'Tendenzen déi d'WHO präsentéiert, stëmmen iwwertenee mat de Lëtzebuerger Donnéeën, déi zanter e puer Joer reegelméisseg erhuewe ginn, an de Konsum vun dëse Produite bei de Jonken ënnersichen. D'järlech Etüd vun der ILRES fir d'Gesondheetsdirektioun an d'Fondation Cancer iwwert d'Fëmmen zu Lëtzebuerg weist zënter 2021 eng kloer Hausse vun der Consomatioun vun E-Zigarette bei de Jonken[3].

D'Recommandatioune vun der WHO ginn am nationale Programm fir d'Präventioun vum Tubakskonsum berécksiichtegt, deen ënner anerem virgesäit:

- D'Aféierung vu Reflexiounen iwwer gesetzlech Mesuren, déi gesondheetsfrëndlech Environnementer förderen, fir et de kommende Generatiounen ze erliichteren, gesond Liewensentscheedungen ze huelen.
- D'ëffentlech Politik géint den Afloss vun der Tubaksindustrie ze schützen.
- D'Reklamm, d'Promotioun an de Sponsoring fir Tubaksproduiten ze verbidden.
- Dëst Joer gouf och eng national Sensibiliséierungscampagne mat de Jonken a fir déi Jonk duerchgefouert, fir si iwwert d'Gefore vum Nikotin ze informéieren. Dës partizipativ Approche erméiglecht ee méi glafwierdege Message, dee besser un d'Realitéit vun de Jonken ugepasst ass.
- Entwécklung vum Gesetzesprojet N°8333 iwwert d'Antitubaksbekämpfung an d'Reglementéierung vun de Nikotinsäckelcher.

Dës Orientatiounen si noutwendeg, fir ze verhënneren, datt eng nei Generatioun nikotinofhängeg gëtt a sinn am Aklang mam Zil vun enger Generatioun ouni Tubak an ouni Nikotin.

*- Sinn der Regierung aktuell Donnéeën iwwert d'Benotzung vu E-Zigarette bei jonke Leit zu Lëtzebuerg bekannt, a wéi hunn dës sech an de leschte Joren entwéckelt?*

Laut den Donnéeën aus der ILRES Etüde (déi bei der Fro 1 ernimmt gouf), kann ee feststellen datt d'Consommatioun vun elektroneschen Zigarette bei de 16–24-Järege vun 11 % am Joer 2021 op 26 % am

[1] Selon un rapport de l'OMS sur l'évolution du tabagisme, 1 adulte sur 5 reste dépendant du tabac
[2] WHO global report on trends in prevalence of tobacco use 2000–2024 and projections 2025–2030
[3] https://www.cancer.lu/sites/default/files/inline-files/Etude%20Tabac_Confe%CC%81rence%20Presse_M3S-FC_22052025.pdf

Joer 2024 geklommen ass. Dës Hausse weist ënner anerem op déi wuessend Attraktivitéit vun dëse Produiten ënnert de Jonken hin.

D'Etüd *Health Behaviour in School-aged Children (HBSC)* vun 2022–2023 weist eng änlech Tendenz no uewe bei de Jonken am Alter vun 13 bis 15 Joer[4].

D'Tendenze, déi an aneren europäesche Länner observéiert goufen[5], weisen datt d'Verbreedung vun der Consommatioun vun elektroneschen Zigarette bei de Schüler vun 13 bis 15 Joer weider zouhëlt, mat engem Notzungsprofil, deen dacks experimentell ass, awer och den Ufank vun enger reegelméisseger Nikotinconsommatioun ka bedeiten.

Dës Donnéeë weisen op eng séier Verbreedung vum Phänomen bei de jonke Generatiounen hin, déi mam Opkomme vun den E-Zigaretten déi e kann ewechgeheien, de sougenannte « *Puffs* », um lëtzebuergeschen an europäesche Marché zesummefält. Dës Apparater mat séissen oder friichtege Goutten, déi zu bezuelbare Präisser verkaaft ginn, si besonnesch bei de Jonke ganz beléift.

*- Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir de Verkéier, d'Reklamm an de Konsum vun esou Produkter bei Mannerjärege besser ze reguléieren oder ze limitéieren?*

Fir d'Regierung ass et eng Prioritéit fir di Jonk virun Nikotin an Tubaksproduiten, also inklusiv den elektroneschen Zigaretten, esou wéi och de Produiten, déi aus Nikotin bestinn, ze schützen. De Gesetzesprojet n°8333, deen den 30. Oktober 2025 an der Chamber gestëmmt ginn ass, renforcéiert de gesetzleche Kader, andeems en d'Nikotinsäckelcher an aner Produiten déi aus Nikotin bestinn, streng reglementéiert. D'Bestëmmungen am Antitubaksgesetz, déi sech ob Tubaksproduiten an elektronesch Zigarette bezéien, ginn duerch dat neit Gesetz ob d'Nikotinsäckelcher an aner Produiten, déi aus Nikotin bestinn, ausgeweit. All dës Produkter däerfen net u Jonker ënner 18 Joer verkaf ginn och net gratis verdeelt ginn an ënnerleien de selwechte strenge Reegele wat d'Publicitéit ubelaangt, déi exklusiv ob d'Surface de Vente limitéiert ass. Och den Internethandel vun all dëse Produkter ass verbueden. Doriwwer eraus schaaft dat neit Gesetz d'Méiglechkeet, dass de Verkeefer kann d'Virweise vun der Carte d'identité froen, wann hien en Zweifel huet, ob de Client scho volljäreg ass.

Parallel zum gesetzleche Kader bereet d'Regierung en neien nationalen Tubaksbekämpfungsprogramm vir, deen d'Präventioun bei de Jonken däitlech soll verbesseren an och soll Informatiounscampagnen entwéckelen; dëst, mam Ziel vun enger breeder Sensibilisatioun wat d'Risiken am Zesummenhang mat sämtleche Produkter betrëfft déi ënnert d'Antitubaksgesetz falen, also och Produiten déi aus Nikotin bestinn, deemno also och di sougenannte „Puffs".

Lëtzebuerg, den 13. November 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[4] Enquête HBSC « Health Behaviour in School-aged Children » - Portail Santé - Luxembourg
[5] A focus on adolescent substance use in Europe, central Asia and Canada. Health Behaviour in School-aged Children international report from the 2021/2022 survey. Volume 3